Heescheldréf (Heesel) 20.06.98

inauguration Centre Robert Kriefs

dévoilement monument aux morts transféré

Wé d'Preisen den 10te Mee 1940 oust Land iwerfal haten, d'Militär=verwaltung durch eng Ziviverwaltung ersat gow, hat d'Soen zou Letzebuerg de Gustav Simon de Chef vun deser Ziviladministratioun. Dese Posten hat hien scho virdrun, déseck der Musel, Sauer an Oer, de Gau Mosellland. Hien huet also gemeng d'Letzebuerger ze kennen a seng Missioun war, d'Letzebuerger fir den Nazisem ze gewannen a sie "Heim ins Reich" ze feieren.
Fir dest ze erréchen, sin natierlech eng ganz Retsch vu Verruerdnungen, Bestëmmungen a Verbueden op d'Awunner erof geprasselt, mä virun allem sollt eng grouss ugeluechten Propaganda d'Leit iwerzeegen. Déi deitsch Truppen si vu Sieg zu Sieg geraunt, Frankreich huet kapituléiert an et huet ~~den Verlein gin dass~~ geschingt wé wann den Hitler den Herscher iwert Europa géw gin.

Ké Wonner dofir, dass och eng Rei vu Leit, aus wat fir Grën och ëmmer, heierobber erofgefal sin, mä ~~dé grösste~~ Déel blow awer skeptesch an ~~eso~~ quer de Widderstand géngt dest Ustriewen huet sech forméiert. D'Joer virdrun 1939 hat Letzebuerg nëmmt mat grousem Opwand ~~hat~~ seng 100 Joer Onofhängegkeet gefeiert a besonnesch bei de jugendlechen haten des Feieren en déwen Androck hannerloos. Dofir blow och dén ~~erwarten Succès~~ op deitscher Seit erwarten Succès aus.
~~D'F~~ Dé verschidden Propaganda Aktiounen fir Freiwelleger fir d'Hitlerjugend, an den Arbechtsdingscht an an d'Wehrmacht ze gewannen haten äusserst weineg Erfolleg.

D'Reaktioun vum Ënnerdrécker ~~huet~~ ol net op sech warde gelos: den obligatoreschen Arbechtsdingscht eso wuel fir d'Méidercher wé fir d'Jongen gow 1941 agefouert an den 30 August 1942 Zwangsverschleefung an déi deitsch Wehrmacht dekretéiert. D'Aendwert an d'Verhalen vun ousem Vollek zu desen Naziverbriechen brauch ech hei net ze beschreiwen.

Roun 12 000 goufen zwangsrekrutéiert. 3 100 konnten sech dëser Zwangsverschleefung entzéien, an och bal 3 000 hun hir Heemecht net méi erem gesinn.
Wéi Ufangs September 1944 eist Land ~~vum~~ den Ënnerdrécker ~~befreit~~ lassi war, waren et fro' a glécklech Deg fir all dei ~~do~~ Heiheem. No 4 Joer a 4 Ment, ~~vun~~ preisescher Okkupatioun an Nazi-Terror war eis Heemecht nés frei.
Awer och Trauer war a villen Famillen bei dénen nach én oder och méi gefellt hun an nach an de Kralle vum Ënnerdrécker waren. Och fir eis, d'Generatioun vun den Zwangsrekrutéierten war d'Freed net komplett. En Deel vun de Refraktären war heiheem a sie konnten mat feieren. Aner Refraktären waren nach an den Hopeschlänner oder bei den allieiérten Armeéen. Awer roun 7 500 vun dénen 12 000 enrôlés de force hun nach hei heem gefeelt. 800 waren zou dësem Zeitpunkt gefall oder vermisst. ~~Aner~~ schon a Gefangenschaft ohni dass ~~Ierhéem~~ dei Heiheem dat woussten. Ofgeschnidden vun der Heemecht, genau wei d'KZler an d'Emgesiedelt. Kéng Norichten vun doheem oder erogner schlechter oder falscher.
No der éischter Begeeschterung iwert d'Befreiung hun dei Heiheem sech vun Dag zou Dag méi grouss Suerge gemat em dei, dei nach fort waren.
Den 23 September 1944 kum eis exil Regierung zeréck op Lëtzebuerg. Och sie konnt de Leit, wéi fleit geloffe, net hëllefen.
De Krich war nach nët eriwer! Deitschland hat nach net kapituléiert! Et war also och nach net liicht, fir eis Regierungsleit, sech voll a ganz fir de Rapatriment anzesetzen an lëtzebuergesch Interessen virun allieiert Militärinteressen ze setzen.
Awer dei Betraffen hun net d'Hänn an de Schous geluecht a ~~~~ hun resignéiert.
D'Elteren vun den nach feelenden Zwangsrekrutéierten hu sech zesummen fond an d'Elterevereenegung sou gegrënnt. Vill Aktivitéit as vun desen Mammen a Pappen ausgaangen.
Aus déene selwechte Grënn ~~as~~ gett och d'Ligue O.J. an d'Liewe geruff. ~~~~ Sie organiséiert hiren égenen Rapatriérungs Service an ze summen mat der Elterebeweegung gi persénlech an individuell Démarchen ennertoll fir no hiere Komeroden, ~~~~ Jongen a Méiedercher ze sichen.
~~Aus~~ Vum Zentral Komitée vun der Ligue O.J. gin no an no iwert ganz Land lokal Sektiounen gegrënnt. No an no kommen méi Refraktären heem, awer och

De Josy Thill war éischte Président, mä leider schon de 27. März 1947 gestuerwen

aus de Fronten fannen Jongen op ége Fauscht de Wé nés heem.
Och bei ~~Stésel-Héschdreff~~ entsteet ~~d'~~ 1945 d' Sektioun Stésel-Héschdréf
→ D' Suerg vun dëse Komeroden war dei Feelend ze fannen an heim ze huelen, oder Kloerheet iwert hirt d' Schicksaal ze kréien. Mä, awer och déi net ze vergiessen wo gewosst war dass sie d' Heemecht nie mé gewen eren gesinn. Et sollt eso séier wéi Méglech a Stee gemeesselt gin dass sie hirt d' Liewen fir d' Heemecht gin hatten.
Dëst war mei lëicht gesot wéi realiséiert: D' Rundstedtoffensiv hat vill zerstéiert. Vill Heiser hun nés missen ~~opgeriicht~~ opgebaut gin, de Staat an d' Gemengen hate méi opzerichten wéi ~~G~~ Geld an de Keesen, a vill [illegible] hu missen gegrënnt oder nés aktivéiert gin.
Wé de Krich eriwwer war a bal all Schicksaale vun den Zwangsrekrutéierten geklärt, hun 4 Héschdréfer Jongen gefeelt. Weit vun doheem, an enger Uniform déi hinnen opgezwonge war, ware sie gefall an a friemem Buedem begruewen.
Aus den Dokumenter liese mir, dass:
den 29. Juli 1946 de Jongen vun Héschdréf sech am Vereinssall an enger Assemblée zesummefond hat, mat der Idi dëse 4 Komeroden e Monument opzerichten.
Eng éischt Konditioun heizou war emol déi néideg Fongen zesummenzeschafen an eso gouf den 18. August 1946 eng éischt "Kermess flamande" organiséiert.
De Succès ass net ausbliewen an d' Resultat waren 22 500 Frang an der Kees.
Weider Manifestatiounen an Demaaschen goufen organiséiert, wéi Hauskollekten, Theaterowender, Gardefester an Enn 1948 war d' Kees bis op 45.000 Frang gewuess.
Am Juli 1947 gouwen d' Gemengenautoritéiten kontaktéiert a gleichzäiteg 3 Plazen proposéiert. D' Virschléi sin un d' Commission des Monuments et Sites viru geleet gin an einstëmmeg ass d' Plaz un der Parkmauer fir de geeégenst fond gin. Den Architekt Robert Leer vun Dummeldeng entwerft de Plang fir d' Monument an errechent en Devis vu bal 90.000.- Fr.
Kees hat awer nemmen jhust d' Halschent an eso beschléisst de Gemengerot de Rescht beizeléen.
Finanziell Schwieregkeeten wären also keng méi an am Fréjor ~~1~~ 1949 gouf eng öffentlech Sub-missioun ausgeschriewen. Den Entrepeneur Pierre Even vun Hielem krut d' Commande.

D'Schlässereiarbechten mecht den Här François Kleis vu Walfer.
Den 21. September 1949 gitt en Organisatiounscomité gegrënnt fir d'Aweiungsfestlechkeeten ze organiséieren an dëm och déi Häre Conseljéen vun Hëschdreff an d'Vereiner vum Duerf vertruede sin.
D'dreiwend Kräft vun dëser Realisatioun war déi deemoleg 'Jeunesse vun Hëschdreff' mat hirem President den André Kremig.
Et war hei madde klor bewise gin, dass mat Eenegkeet, Courage an Engagement eso e Wierk ~~an der Zeit~~ och an enger Zeit wou d'Geld knapp war, an der kuerzer Zeit vun 3 Joer realiséiert konnt gin. Dat schéinst, ~~an~~ an erhabenst awer war dass schon 4 Joer nom Enn vum Krich ~~[illegible]~~ och an enger deemols nach net all ze grousser Wirtschaft d'Awunner solidaresch, zesummen e Monument stohinne gesat hun fir hiren 4 ongléckleche Kanner ze garantéieren dass hiren Affer fir d'Heemecht net an de Vergiess gerode soll.

Leider ännneren Zeiten, an déi fréi gemengt Plätz an der Parkmauer huet sech erwisen net déi geeegnet ze sin.
Et geet nämlech net duer fir just e schéint Monument opzerichten, mä et muss ën och ouni Gefoeren an Komplikatiounen derbäi kommen. Well wat dingt et dass e soll un des Affer erënneren, nemmen mat den Autoen a Busser derlaanscht réiunt; sech net kann do ophalen, sech erënneren, an Stellen un déi 4 denken an de kommend Generatiounen hiren Asaz an Heemechtsleeft erklären an dovun iwerzeegen.
D'Haptaufgab vun esou engem Monument oder Erënnerungssteen as jo, dass déi Generatiounen déi eso Schicksaalsschlé net erliewt hun, awer drun erënnert ~~gin~~, informéiert a sech selwer Rechenschaft ofléen dass hir Viergänger bereed waren net nemmen grouss Risikoen op sech ze huelen, jo hirt d'Liewen riskéieren an och schliesslech gin hun fir Wärter wéi d'Fräiheet, Onofhängegkeet an Heemechtsleeft. Ouni desen Asaz, wär et eng grouss Fro haut nach e fräit an onofhängegt Lëtzebuerg gew-existéieren.
Dofir kenne a musse mir dënen dankbar sin déi viru ~~[illegible]~~ 50 Joer d'Initiativ ergraff haten fir dest Monument ze realiséieren
awer och dëne merci son, wéi agesinn ass gin dass ~~[illegible]~~ d'Platz wou dest Monument bis elo stung net méi déi geeegnet ass an un en Deplacement gedaecht hun

Haut erfëllt dese Souvenirs Steen do wo en elo steet neìs voll a ganz säin ursprénglech gedaachten Zwecker.
Et soll een dozou bäizedroen dass déi déi hirt d'Liewen fir d'Heemecht ginn hun net an de Vergiess geroden,
mä et soll awer och de jetzegen a kommende Generatiounen sech bewosst ze sin dass d'Fräiheet an d'Onofhängegkeet net emsoss sin,
dass sie deier erkaaft gouwen, an dass mir dénen dankbar sin a musse bleiwen dé ons dest lëscht Fridden erem bruecht hun,
an de Grondsteen geluecht fir dat fräih a glécklecht Lëtzebuerg an déem mir haut liewen.